

Extrait: 'De Krich am Ennergrond'; Nicolas Kremer; 1985

as d'Monument, wou drop stät «LA VILLE DE DIFFERDANGE A SES HÉROS 1940-1945», ageweit gin. Et sollt fir ëmmer eng Erinneerung sin.

AM WAASSERTRACH VERSTOPPT

Wéi d'Stoppen an der Gemeng ëmmer méi rar si gin, hunn sech vill Jongen eng ege Stopp am Heimechtshaus gezammert, fir do op d'Em vum Krich ze waarden.

De René ZOENEN, 32 Méint flüchteg, wor fir d'éischt beim Jemp Useldinger an der Hubertusstrooss verstoppt. Vun do gung hien iwer de Bierg an d'Frankräich, an as vun do erëm zréckkomm, fir a séngem Heimechtshaus op Nr. 17 an der Biergstrooss verstoppt ze bleiwen. Am Keller hat hien sech en Ausgang duerch d'Mauer gebrach, fir vun do direkt op de Rollesbierg ze lafen, wann et néideg wär. De 14. Februar 1944 as et him ower e Strapp ze séier gaang, an hien as nët méi bis bei d'Lach komm fir fortzelaufen. D'Preisesch Polizei as an d'Haus eragestüürt an direkt uewen an d'Zëmmeren no him kucke gaang. Dat wor dem René séng eenzeg Chance. Am Keller wor eng Quell mat fléissendem Waasser, dat vun do an e groussen Trach gelaaf as. An deem Trach hat dem René séng Mamin e grouss Koup Wäsch agewäacht. Eenzel Kläder hunn no uewe Loftblösen gemaacht. De René wor ouni ze zécken an dat äskaalt Waasser am Trach gesprongen a luch de laange Wee ënner der Wäsch mat dem Gesücht no uewen, mat dem Mond ënner esou enger Lofblos. D'Preise sin zweemol laanscht den Trach gaang an hien huet nach héieren, wéi de Polizist SAHLEM gesot huet, wéi hien d'Lach an der Mauer entdeckt huet: «Der ist durch die Latten.» Et wor Zäit, datt d'Preisen hirer Wee gaange sin. De René wor schons bal blo am Gesicht vu Keelt a well d'Loft him bal ausgaange wor. Dës Razzia wor nët ouni gesondhäätlech Folge bliwen. Dat äskaalt Waasser hat him uerg zougesat an hie luch duerno mat enger Longenentzündung am Bett. An deem Zoustand hätten d'Preisen hie bestëmmt kritt.

DE «GRUPP» EUGÈNE JUNKER

Ech hu bis elo bal nëmme vun der organisierter Résistenz geschriwen, dat hääscht, vu Résistenzorganisatiounen, déi Memberen ënner der Populatioun rekrutiert hunn an duerch déi Memberen ebe méi een enke Kontakt mat de Patrioten hatten. Dat wor déi positiv Säit. Op déi aner Manéier awer wor d'Gefor méi grouss erwëscht ze gin, wann ee vun den Haaptleit verhaft gin as an dann duerno eng ganz Rei vu Verhaftunge geschitt as. D'Preisen haten ebe Méttel a Weer fond fir eenzel Glidder an esou eng Ketten anzuschleisen esou datt tatsächlech eng Kettenreaktioun erfollegt as. Fir dës ze évitéieren hu sech schon an den éische Krichsjouere kleng individuell Gruppen entwéckelt, déi dacks grouss Lääschungen opzeweisen haten an trotzdeem hautguer nët méi ermimmt gin. Si sin et tatsächlech wäert haut och ermimmt ze gin, fir datt och hir Lääschungen, déi jo och e Bausäin zu eiser Fräihät woren, vun der Allgemeinhät respektéiert gin.

Eng vun denen individuelle Gruppe wor de «Grupp JUNKER» zu Déifferdang. Séng Wunnéng an der deemoleger Max-Meierstrooss, elo Emile Markstrooss op Nr. 66, huet sech apaart geägent fir eppes ze verstoppen, wat kee sollt fannen. Als Chef vum Gaswierk huet hien an engem Haus gewunn, dat ewell als Bunker am Krich 14-18 Verwendung hat mat engem Raum hanner enger «Tapetenwand», déi duerch e Schaf verstoppt wor. An deem Raum wor Plaz fir Waffen an aner wichtige Saachen. Hei hat den Ugène déi offiziell Tora aus der Synagoge ze versueren a vun 1942 un hat hien a sénger Wunnéng eng verfollegt Jiddin d'Herta GRUNE-WALD vu Frankfort verstoppt, déi um Transport zu Lyon de Preisen entwëscht wor an an enger Mall aus dem Frankräich heihi bruecht gin as. Et hunn och zwéi Jonge bei him en Ennerdaach fond an et huet an dem Krich keen émsoss un d'Dir vun Ugène geklappt. Säu Jong Raymond as nom Arbeitsdienst de Preisen duerch d'Laute gaang an, wéi d'Famill no der Verhaftung vum Papp éngesidelt sollt gin, haten si sech «ofgesat». Dem Ugène säi «Grupp» wor der Zuel no nët grouss, mä efficace genuch fir de Preise Kappzbriches ze maachen. Dem Ugène séng Haaptgeselle woren: den Anton's Nicky, deen et fäerdeg kritt huet, e Plang op d'Récksäit vun e puer Timberen ze reduzéieren an opzetzächnen, datt een déi ganz Serie Timberen huet mussen hu fir erauszefannen, wat et ägentlech soll duerstellen. De RAVAILLOTT'S Vic wor dem Ugène eng gutt Hëllef an den Otto PINTH wor nët mainer zouverléisseg. Bleift nëmme nach de Jengi WANTZ. Hien hat d'Méiglechkat als Chauffeur vun der Gemeng iverall hinzekommen an esou munneg wichteg Enveloppe as duerch hien an déi richtig Hänn an un déi richtig Adress kom.



Den Ugène JUNKER, séng individuell Aktiouner woren der Heimecht vu grousser Wert.

Der Bürgermeister
als Orts-Polizeibehörde

Polizeiliche Verfügung

Auf Grund der §§ 2 und 5 des Luftschutz-Gesetzes in der Fassung vom 31.8.1943- RGBI. I S. 506 ff.- werden Sie hiermit zur Dienstleistung im Selbstschutz herangezogen. Sie müssen in der Zeit vom 19. Juni 1944 bis 24. Juni 1944 einschließen Erdarbeiterstunden verrichten am Deckungsgraben Differdingen Marktplatz ~~Obertorn-Groeter~~. ~~Niederkorn beim Spital~~.

Zu widerhandlungen gegen diese polizeiliche Verfügung werden nach § 9 des LS-Gesetzes bestraft und zwar wird hiermit für jeden fall der Zu widerhandlung ein Zwangsgeld angedroht in Höhe von 30,- RM.

Falls Sie durch Krankheit oder Unfall verhindert sind in der vorgenannten Zeit die Arbeit abzuleisten, müssen Sie diese polizeiliche Verfügung sofort im Stadthaus Zimmer 7 oder 14 abgeben. Krankenschein oder ärztliches Zeugnis ist dort gleichzeitig vorzulegen.

Falls Sie durch andere Gründe an der Arbeit verhindert sind, müssen Sie sich ebenfalls sofort bei der gleichen Dienststelle -Sprechstunden von 8-12 Uhr- einfinden und dort unter Angabe der Gründe vorläufige Befreiung beantragen. Die angegebenen Gründe werden nachgeprüft. Sollte festgestellt werden, dass Ihre Gründe nicht stichhaltig waren, wird gegen Sie wegen unberechtigter Arbeitsverweigerung vorgegangen. Zudem werden Sie alsdann eine zweite polizeiliche Verfügung mit besonders festgelegten und unabänderlichen Arbeitsstunden erhalten. Differdingen, den 15. Juni 1944.

Im Auftrage:

Meister der Schutzpolizei

Et as nèt schéin, wann een haut géng Verdéngschter vun anere minimiséieren. Och denen aneren hir Aarbecht wor e Stéck vun engem grouse Wierk, dat zu eiser neier Onofhängegkät gehollef huet. Plange vu Penemünde a vun der Mönchtalspär a vill aner wichtige Saachen, déi fir déi Alliéiert wichtige woren, sin duerch hir Hänn gaang. Den Ugène hat et laang gepackt, fir de Preisen aus dem Wee ze goen, éier hien an d'Fal gaangen as. Énner dem Virwand sech an de Luftschutz mellen ze mussen, hum d'Preisen d'Dir vun Policebüro hanner him zougespaart... Och sai Wee wor virgezäächent... Vum Gronn op Treier, duerno an d'Aussenlager Usingen/Hinzert - Witlich - Ziegenheim - Mauthausen. Den Transport (Doudemarsch) Wien - Florisdorf huet him de Rescht gin. Zwéin Deg no der Liberation, den 7. Mel945 as hien un de groussen Entbierunge gestuerwen.

Mat dem Ugène JUNKER als Chef vum Gaswierk as eng Perséinlechkät aus dem Déifferdanger Stadtbild verschwommen. Sain Undenke bleift awer émmer bestoen. Nèt ze vergiessen, séng eelst Duechter Renée wor an dem Papp séng Résistenzarbecht matverwékelt. Séng zwät Duechter Fernande huet beim «Ofsetzen» vun der preisescher Besatzung zu Déifferdang dene russeschen évadiéierte Prisonnier an déportéierte Medercher, déi eidel Wunnéng als Refuge zur Verfügung gestallt.

Si woren ebe Leit op déi ä konnt zielen.

AM KLÄDERSCHAF VERSTOPPT

Wéi ech «d'Metzleschhandwierk» am Bësch beim Uerschterferhaff zu Lampech bal geléiert hat, as et iwer Nuecht brenzleg zu Lampech gin. E puer «Wichtigtuern» haten iwer Nuecht op der Héicht zwësche Lampech a Reckeng d'Frucht um Feld a Brand gestach. Dat hat nèt vill mat Résistenz ze din, awer d'Preisen hun an deer Hissiicht kee Spaass verstanen. Wéi rieds gaang as vu Razzia a vu Vergeltung, do hun ech geduecht et wär besser, wann ech mech fir eng kuerz Zait aus deer «Gefahrenzon» géng zrëckzéien. Ech hun de Batty avertéiert an hu mech owes op de Vëlo gesat. De Batty huet zu Zolver erëm op mech gewaart, a mair sin erëm mat de Schmelzaarbechter virugefuert. De Vëlo hun ech bei de Wagnesch Jemp gesat, an de Batty huet mech mat häm geholl bis ech eng fest Plaz sollt hu. Et wor eng brenzleg Saach beim Batty ze logéieren. Zwä Zëmmer, eng Kummer an eng Kichen. Am Rez-de-chaussée Leit, déi näischt hu brauchen ze wëssen an déi och nach ausgerechent eng Kummer um éischte Stack niewent dem Batty sénger Kummer haten. De Batty wor fir mech eng Kommissiou maachen, an ech wor mat dem Elise eleng. Mair hun nëmme gepéspert. D'Wänn woren awer dénn a nèt esou strabil wéi haut. Mair haten den Noper héieren Träpen erop kommen. Et klappt un der Dir a schon hung den Noper un der Klensch. Ech hat nach jhust Zait knitt, fir an de Kläderschaf ze sprangen. Den Noper stät an der Dir a virwëtzeg wéi all Leit da sin: «Sid där eleng... ech hu gemengt, ech hätt een héiere schwätzen.» - «Do hut där awer schlecht gehéiert, dat as bestëmmt dem Noper sai Radio gewiescht.» Et wor nach eng Keier guut gaang. Eng Nuecht hun ech musse bleiwen a mair hun d'Beit